



# HELPERKNAPP

Eng Gemeng mat Aussicht

## Kulturkommissioun - Commission de la culture et des loisirs

### *Gemeng / Commune Helperknapp*

Bericht 03 / 21

---

den 08.06.2021 um 19:00 Auer am Veräinsbau Koll zu Brouch

Rapport: Vosman-Kiefer Diane

Présent: Christiane EICHER-KARIER, Yolande GRAFF, Raoul KIEFER, Carlo KOEPP, Mariette LUX-PEPIN, Diane VOSMAN-KIEFER

Excusé: Patrick CINCIS, Laure LESCH Claudine MICHELS, Carlos MOREIRA CARDOSO, Henri NOESEN, Natalia SANCHÉZ

Non-excusé:

---

Ordre du jour :

1. Begréissung duerch de Präsident
2. Propose vu Stroossenimm fir dat néit Lotissement am Lëtschert zu Béiwen
3. Veräiner an der COVID-Zäit
4. Divers

#### **1. Begréissung** vum Präsident

De Raoul begrüsst ons all 😊

#### **2. Propose vu engem Stroossennumm fir dat néit Lotissement am Lëtschert zu Béiwen**

An der lëschter Versammlung gouf festgehaalen dat mir dem Schäffen- a Gemengerot puer Nimm fir d'Cité am Lëtschert proposéieren an ons net nëmmen op een eenzegen Numm aschränken. Dëst bréngt vill Schwieregkeeten mat sech, déi een vermeide kéint.

Mir proposéieren folgend Nimm vu lokale lëtzebuergeschen Perséinlechkeeten:

- Marie PARMENTIER: Frau vum Joseph Hackin
- Willi BERTEMES: zu Buchenwald erschoss ginn
- Amélie PICARD: Poète
- Rosemarie KIEFFER: Schrëftstellerin an an humanitären Vereenegungen tätég

- Anne BEFFORT: Educatioun / éischt lëtzebuergesch Frau Professor am Franséische /Pionnéieren vum Meedercherlycée an der Stadt
- Louise WELTER: Medezin / éischt Doktësch zu Lëtzebuerg
- Marguerite THOMAS-CLEMENT: Politik / éischt Frau-Députéierten am Parlament
- Johann WARNIMONT: Philosophe vun Téinten
- Charlie GAUL: Vélosfouerer zu Téinten gebuer
- Elsi JACOBS: Velosfouererin
- Gust GRAAS: Grënner vun CLT – RTL Fernseh / Artiste
- Madeleine FRIEDEN-KINNEN: éischt Lëtzebuergesch Ministerin (Famille, Jugend / sozial Solidaritéit 1969)

Christiane proposéiert nach Béiwener Léit ze froen op si villäicht nach Perséinlechkeeten aus der Gemeng kennen respektiv beim LEADER nozefroen -> no laanger Siich an Ëmfroe konnt Christiane leider keng weider Perséinlechkeeten erausfannen.

Mir proposéieren awer och Nimm vun Uebstbeem, lëtzebuergesch Déierennimm oder awer Flouernimm (Geoportail.lu) ze huelen. An dem Kontext kéint een dann och esou Beem/Hécken laanscht dës Stroosse planzen:

- Eechewee
- Buchewee
- Hielenderwee
- Karmechstrooss
- Moukewee
- Quakaschertwee
- Himmelsdétercherstrooss
- Wiissestrooss
- Weedestrooss
- Molbier-Wee
- Päerdsbier-Wee
- Spackelterwee

---

➔ *Propositioun dat all Strooss an der Cité een eegenen Numm kritt --> **approuvée à l'unanimité***

➔ *Uewe genannte Nimm fir Stroossen an der Cité „am Lëttschert“ --> **approuvée à l'unanimité***

---

### 3. Veräiner an der COVID-Zäit

Kulturkommissioun proposéiert:

- Eng kléng Broschür wou Veräiner hier Aktivitéiten iwwert Joer kéinten dra setzen an déi un all Stoet vun der Gemeng ausgedeelt gëtt
- Mir proposéieren der Gemeng de Veräiner offiziell matzedeelen wéivill Léit pro Sall, am Respekt vun den aktuellen sanitären Reegelen, dierfen eran asw. Mir sinn

ons awer bewoost dat mat dem ville Wiesel vun den Gesetzestexter dëst een schwéierfälligen Exercice ass, deen een ëmmer erëm ernéieren misst

- Eng Lëscht vu Léit erstellen, déi aggréiert si fir COVID-19-Schnelltester virun enger Manifestatioun ze maachen.

*C.f. RGD 14 mai 2021 fixant les conditions de réalisation et de certification des tests de dépistage ou diagnostique de l'infection par virus SARS-CoV-2 et abrogeant le RGD modifié du 10 février 2021 fixant les conditions de réalisation des tests de dépistage ou diagnostique de l'infection par virus SARS-CoV-2.*

<http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rqd/2021/05/14/a370/jo>

- Gemeng kéint Léit aus der Gemeng uschreiwen a froen ween zu dëser Grupp Léit gehéiert a sech fräiwëlleg op eng Lëscht géif androen fir viru Manifestatiounen vu Veräiner, dëst Schnelltester (fir Léit ouni COVIDCHECK) duerchzeféieren;
- Veräiner kritt dann bei der Reservatioun vum Datum a Sall op der Gemeng dës Lëscht matgedeelt;
- Veräiner suergen dofir fir dës Léit ze kontaktéieren a bei hire Manifestatiounen déi sanitär Reegelen ze respektéieren

---

→ *Proposition à l'unanimité des membres présents:*

1. Lëscht mat **aggréierten Léit fir SARS-CoV-2-Tester** ze maachen während den Manifestatiounen vu Veräiner an der Gemeng

2. eng **Broschüre mat den Aktivitéiten** vun all Veräin fir d'nächst Joer erstellen (DIN A6 / 7)

---

#### 4. Divers

- Et ass vergiess ginn den Ordre du jour fir dës Versammlung am gereegelten, vum ROI fir Kommissiounen vun der Gemeng Helperknapp virgesinnen Zäitramen ze verschécken. Et gouf vun de Memberen dézidéiert dës Versammlung dann awer ofzעהaalen, vue que dat den Ordre du jour quasi an der lëschter Versammlung vum 28.04.2021 festgeluecht gouf an am Rapport vun dëser Versammlung och schrëftlech festgehaale war
- An Zukunft wann Léit sech net ofgemeld hunn oder ze spéit usinn, probéieren mir si ze kontaktéieren fir ze froen op si nach kommen. Mir mussen laut ROI zur Halschent präsent sinn fir beschlussfäheg ze sinn
- ROI schéngt ons schwéierfällig fir anzעהaalen, well verschidde Punkten d'Wirken vun de Kommissiounen aschränken (halschend vun de Memberen musse präsent sinn / OdJ muss minimum 2 Deeg am Virfeld un Memberen geschéckt ginn / Rapports et réunions....)

---

→ *Proposition: Léit déi vergiess hu sech fir Versammlungen vun der Kulturkommissioun ofzemellen an net präsent sinn, ginn an **Zukunft kontaktéiert fir si un d'Versammlung z'erënnere** an ze froen op si nach kommen --> **approuvée à l'unanimité***

---

Nächst Réunioun: **Mëttwoch, den 15. Septembre 2021 um 19:30 Auer** am Veräinsbau Koll zu Brouch